GEMENG
KÄERCH

**Eng Aktioun vun der Ëmweltkommissioun an der Gemeng Käerch**




# GROUSS BOTZ

## 29. MÄERZ - 18. ABRËLL 2025

IWWERALL AN EISER GEMENG. DAT NÉIDEGT MATERIAL GËTT IECH ZUR VERFÜGUNG GESTALLT.

FRANÇAIS

# Rendez-vous

***Samschdes den 29.03.
um 9 Auer zu Käerch
um Gemengeparking***

***Géint 12:30 Auer
Restauratioun offréiert
fir all Participant
am Festsall zu Käerch***




***Konservendousen, Béchsen, Fläschen, Plastikstuten, Pneuen oder Elektroschrott ...alles wat een nom Wanter am Bësch a laanscht d'Weeër fënnt, gehéiert recycléiert a net an d'Natur!***

**Dofir invitéiere mir Iech och dëst Joer nees ganz häerzlech bei eiser grousser Botz an eiser Gemeng matzemaachen, dat vum 29. Mäerz - 18. Abrëll 2025.**
Dat néidegt Material (Tuten, Händschen, Zaangen, Sécherheetswesten...) fir den Zäitraum vun der grousser Botz stellt d'Gemeng Iech zur Verfügung. D'Material kann ausgeléint ginn am Gemengenhaus wärend de regulären Ëffnungszäiten. De gesammelten Dreck kënnt Dir beim Gemengenatelier (rue de la Montagne zu Käerch) ofstellen.



# Grouss Botz Fotoconcours

***Fotograféiert Iech bei dëser Aktioun a schéckt
eis Är Foto(en) bis den 18.4 op communication@koerich.lu.
Dir kënnt e Präis gewannen den um Téléviedag de 26.4
iwwerreecht gëtt.***

ENGLISH